



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 6864 vum 19. September 2022 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.

1. Sinn d'Analyse vun deenen d'Ministesesch geschwat hat méttlerweil ofgeschloss? Wa nee, wéini sollen dës Ofgeschloss ginn an wéi ass hei de Retard z'erklären?

Jo, dës Analysen sinn ofgeschloss an d'Ueleger sinn aktuell just disponibel fir hospitaliséiert Patienten. Parallel wäerten d'Ueleger an den nächsten Wochen awer och vun den Dokteren un net hospitaliséiert Patienten kënnen verschriwwen ginn.

2. Fir wéini sinn déi nächst Liwwerungen un Cannabis-Bléien a Cannabis-Ueleg virgesinn a wéi eng Quantitéite sinn hei z'erwaarden?

Déi nächst Liwwerungen u Cannabis-Produkten sinn fir Enn November 2022 virgesinn:

Cannabisbléien THC18% (Indica)	37,5 kg
Cannabisbléien THC18% (Sativa)	30 kg
Cannabisbléien THC9% / CBD9%	13,5 kg

Vu datt d'Cannabis-Ueleg reischt säit dem 1. September un d'Patiente verdeelt ginn, waard d'Gesondheetsdirektioun aktuell nach op d'Konsommationszuele fir de Mount September fir déi nächst Bestellung quantifizéieren ze kënnen.

Lëtzebuerg, den 17. Oktober 2022

D' Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert